

Et ass esou - mir hunn dat kontrol-  
léiert -, dass bei deene Froen, déi  
den Här Jaerling am Heemount  
gestallt hat, d'Äntwerten den 9. Au-  
gust respektiv den 11. August  
agaange sinn an dass bei deene  
Froen, déi am Karschnatz, sou wéi  
hie sech ausgedréckt huet, gestallt  
gi sinn, d'Äntwerten de 17. Sep-  
tember, den 20. Oktober an den  
21. September agaange sinn.

Elo ass d'Situatioun folgend: Den  
honorabelen Här Jaerling ass net  
zefridde mat deenen Äntwerten,  
déi hie kritt huet, an huet deem-  
entsprechend gemengt, e kéint  
déi Froen hei stellen. Ech muss na-

tierlech soen, eng Äntwert ass eng  
Äntwert, och wann een net domat  
zefridden ass.

Et bleift awer e Problem iwwreg, an  
do denken ech géife mer eng Pre-  
sidentekonferenz mat deem Pro-  
blem saiséieren. Et ass eng vun de  
Froen nämlech, an zwar déi, déi  
den Här Jaerling den 23. am Hee-  
mount gestallt hat iwwert d'Arcelor.  
Do ass d'Äntwert vun der Regie-  
rung effektiv esou mickreg ausge-  
fall, dass een déi Äntwert net kann  
als eng Äntwert, a mengen Aen,  
considéieren. Ech versti  
schonn...

(**Interruption**)

Jo, ech kéint lech se emol virlesen,  
fir déi, déi d'Äntwert net kennen. Et  
kann awer net esou sinn, well onst  
Reglement verbitt, wann eng Fro  
eemol gestallt ass, a se ass beänt-  
wert, dann därf ee se an där Ses-  
sioun net nach eng Kéier stellen.  
Or, wann awer hei d'Regierung ma-  
nifestement net op Froe geäntwert  
huet, déi den Deputéierte gestallt  
huet, da kann et awer net sinn,  
dass iwwert deen do Wee d'Regie-  
rung d'Chamber court-circuitéiert,  
respektiv den Deputéierten an  
deem Sënn, dass en net d'Recht  
huet eng Äntwert ze kréien.

Deementspriechend, Här Jaerling,

géif ech der Chamber proposéie-  
ren, dass mer déi Froen hei en  
Donneschdeg mat an d'Presiden-  
tekonferenz huelen an doriwwer  
délibéréieren, wéi d'Chamber et da  
praktesch soll handhaben; well eist  
Reglement näischt virgesäit, wann  
d'Regierung op déi Froen, déi  
beäntwert sinn, nu wierklech an  
décmment net geäntwert huet. Et  
sinn der hei derbäi wou ech men-  
gen, dass d'Äntwert vun der Regie-  
rung an der Rei ass, mä et ass  
awer eng dobäi wou een net kann  
engem Deputéierten zoumudden,  
dass en dat als Äntwert kann ak-  
zeptéieren.

Bon, mir kucken dat an der Presi-  
dentekonferenz. An da géif ech  
proposéieren, dass mer en Don-  
neschden, wann d'Presidentekon-  
ferenz délibéréiert huet, eng Déc-  
sioun geholl huet, dann op déi  
Froen zréckkommen.

Ass d'Chamber domadder d'ac-  
cord?

(**Assentiment**)

Voilà, deementspriechend si mer  
um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(**Fin de la séance publique à 17.46 heures**)

Ordre du jour

- 5336 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins pour personnes atteintes de troubles psycho-gériatriques à Erpeldange/Ettelbruck  
(*Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
- 5320 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville  
(*Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
- 5165 - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme portant transposition de la directive 2001/97/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 décembre 2001 modifiant la directive 91/308/CEE du Conseil relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux et modifiant: 1. le code pénal; 2. le code d'instruction criminelle; 3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire; 4. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier; 5. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier; 6. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances; 7. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat; 8. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 9. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseurs d'entreprises; 10. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert-comptable; 11. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives; 12. la loi générale des impôts ("Abgabenordnung") - Second vote constitutionnel  
(*Discussion générale - Second vote constitutionnel*)
- 5236 - Projet de loi relative à l'affectation du résultat du compte général de l'exercice 2002  
(*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
- 4938 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2000  
(*Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden et Claude Wiseler, Ministres.

(**Début de la séance publique à 14.31 heures**)

M. le Président.- D'Sitzung  
ass op.  
Huet d'Regierung Kommunikatiou-  
nen ze maachen?  
(Négation)  
Merci, Madame Jacobs.  
Mir kommen dann direkt zur Dis-  
kussioun vun dem éischte Projet,

dee mer haut um Ordre du jour  
hunn. Dat ass de Projet de loi 5336  
iwwert de Bau vun engem Fleege-  
heem zu Ierpeldeng bei Ettelbréck.  
D'Riedezäit ass nom Modell 1 fest-  
geluecht an deemno folgender-  
moossen opgedeelt: de Rappor-  
teur 10 Minutten, d'CSV 34, d'LSAP  
24, d'DP 20, DÉI GRÉNG 17, den

ADR 15 an d'Regierung 10 Minut-  
ten. Et hu sech bis elo ageschriw-  
wen: den Här Calmes, den Här  
Schreiner, den Här Adam an den  
Här Gibéryen.

Une voix.- Et ass den Här  
Schneider. Den Här Schneider, net  
den Här Schreiner.

M. le Président.- Den Här  
Schneider.

(**Brouhaha général**)

Ech wollt direkt am Ufank folgend  
Bemierkung maachen: D'Famillje-  
ministesche huet an enger Stonn  
Verpflichtungen um Kierchbiereg,  
wou se un enger Konferenz muss  
deelhuelen, an deementsprie-  
chend wäert si bei hirer Interven-  
tioun zu dësem Projet och direkt zu  
deem nächste Projet Stellung hue-  
len, dem Altersheim op der Rumm,  
ier mer deen hei debutéiert hunn.

Ech denken, datt d'Chamber Ver-  
steesdemech huet, datt d'Madame  
Ministesche fort muss. Wann awer  
herno an der Diskussioun nach  
sollte Froen opkommen, vu datt si  
och muer e Projet hei am Plenum  
huet, ass si bereet, wa sollte Froen  
opstoe bleiwen, fir muer op déi  
Froen ze äntwerten. Ech denken,  
datt d'Chamber domadder d'ac-  
cord ass an da ginn ech elo dem  
Rapporteur vum Projet de loi, där  
honorabeler Madame Marie-Josée  
Frank, d'Wuert, fir eis de Rapport  
vun dësem Projet virzeleeën. Ma-  
dame Frank, Dir hutt d'Wuert.

1. 5336 - Projet de loi  
autorisant la participa-  
tion de l'État à la con-  
struction d'une maison  
de soins pour person-  
nes atteintes de trou-  
bles psycho-géria-  
triques à Erpeldange/Et-  
telbruck

**Rapport de la Commission de la  
Famille, de l'Égalité des chan-  
ces et de la Jeunesse**

Mme Marie-Josée Frank  
(CSV), rapportrice.- Här President,  
Dir Dammen an Dir Hären, wann ee  
bedenkt, dass hei zu Lëtzebuerg  
80% vun den 80-Jähregen un De-  
menz leiden, dass zurzäit schätz-  
ungsweis bei deenen iwwer 65-  
Jährege 5.000 Mënschen alzhei-  
merkrank hei am Land sinn, dass  
bei de 65- bis 69-Jähregen et 1%  
vun der Populatioun ass a bei de-  
nen iwwer 85-Jährege schonn 3%,  
dat ass, Dir Dammen an Dir Hären,  
sécherlech Bewäis genuch, dass  
et wichteg ass hei am Land eng  
Maison de soins pour personnes  
atteintes de troubles psycho-géria-  
triques ze schafen, wat scho laang

e Wunsch vun der Alzheimer-Asso-  
ciatioun ass.

Wëssenschaftlech Studië ginn do-  
vun aus, dass d'Zuel vun den De-  
mente sech bis 2040 wäert verdue-  
belen. A Westeuropa an an Norda-  
merika gëtt ugeholl, dass dës  
Krankheet d'Krankheet vum 21.  
Jorhonnert soll ginn. Wat d'Situa-  
tioun hei zu Lëtzebuerg ugeet, lei-  
de ronn 40% vun deene Leit, déi  
d'Fleegeversécherung an Usproch  
huelen, un Demenz oder ähnleche  
Pathologien an deem Beräich.

Dës Krankheet, Dir Dammen an Dir  
Hären, ass eng chronesch Gehirer-  
krankung mat stänneg zouhuelen-  
der Zerstéierung vun Nervenzellen  
an Nervenzellekontakten. D'Symp-  
tomer sinn individuell ënnerschidd-  
lech an et ka jidderee beträff ginn.  
Dës Krankheet ass bis haut nach  
net heelbar. Si ass e Sammelbe-  
grëff vu charakteristesche Sympto-  
mer, wéi zum Beispill d'Aschrän-  
kung vum Kuerz- a Laangzäit-  
gedächtnis, der Sprooch, der Be-  
wegung, dem emotionale Kontakt,  
mä och d'Orientéierung vum Uert,  
der Zäit an der Persoun gëtt em-  
mer méi schwierig. Lues a lues  
verléiert déi betraffe Persoun, déi  
sech hirer momentaner Situatioun  
ëmmer manner bewusst gëtt, hir  
physesch a psychesch Fäegkee-  
ten. Vun engem gewëssene Mo-  
ment un ass dës Mënsch deel-  
weis oder ganz op Hëllef ugewi-  
sen.

Erlaabt mer, Dir Dammen an Dir  
Hären, eng kleng Parenthèse ze  
maachen. Eng Rei vu Mënschen  
hu sech dëser Problematik schonn  
1987 ugeholl an hunn d'Alzheimer-  
Associatioun gegrënnt. Si hu sech  
zum Zil gesat, d'Liewensqualitéit  
an d'Existenzbedéngungen ze ver-  
besseren an e speziaalt Hëllef- a  
Fleegenetz opzebauen an der Fa-  
mill mat Berodung an Ennerstët-  
zung zur Säit ze stoen. Och haut  
ass d'Alzheimer-Associatioun méi  
wéi jee gefuerdert, déi sech wei-  
derhi soll fir d'Bedierfnisser vun  
deene Betraffenen asetzen an de-  
ne Bedierfnisser och nach méi ge-  
recht soll ginn. Mäin Dank ass  
grouss fir dat wat si bis ewell ge-  
maach hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir  
Hären, d'Medezin ass eendeitig  
gefuertert, mä awer och d'Politik.  
D'Politik, déi sech virun allem fir  
d'Rechter vun eisen eelere Mat-  
bierger asetze muss. Dat setzt na-  
tierlech viraus, dass ee sech mat  
de Problemer an de Besoine muss  
ausernee setzen an no konkrete  
Léisunge sicht. Or, bis haut feelt et  
hei am Land u spezialiséierten Op-  
fangstrukture fir eelerement Leit.  
Bis dato sinn déi Leit entweder do-  
heem oder an deem Foyer de jour,  
dee vun der Alzheimer-Associa-  
tioun géréiert gëtt, oder a Centre-  
intégrées oder an allgemenge  
Fleegeheimer versuergt ginn.

Wéi gewosst brauchen dës Mën-  
schen awer e spezifesch Enca-  
drement. Spezialiste si sech eens:

D'Zesummeliewe vu Leit mat ën-  
nerschiddleche Problemer ka sech  
als problematesch erweisen, wann  
iwwer 25% vun de Pensionäre psy-  
cho-geriatresche Problemer hunn.  
Wann et och nach am Prinzip méig-  
lech ass, esou eng Persoun am  
éischte Stadium doheem mat en-  
gem ambulante Fleegeedéngscht  
ze versuergen, da gëtt dat awer  
vun engem gewëssene Moment u  
bal onméiglech. Eng Iwwerwei-  
sung an eng spezialiséiert Institu-  
tioun mat néidegem Equipement  
ass noutwendeg.

Ech erënneren, dass et awer an de  
skandinavesche Länner, mä och  
an der Schwäiz an an Holland scho  
säit laangem esou Strukture gëtt;  
also sinn se eis nees e Schratt vir-  
aus. Zil ass et, déi therapeutesch,  
psychologesch a sozial Prise en  
charge vun deene Betraffenen an  
der Famill op de Verlaf vun hirer  
Krankheet an no hire Besoinen ze  
individualiséieren. Dat kann awer  
nëmme gutt fonctionnéieren am  
Kader vu klengen Unitéiten, déi  
speziell op dës Populatioun aginn.

Dës ganzer Problematik ass  
sech eis Familljeministesche be-  
wusst an ass op de Wee gaangen,  
op Wunsch vun der Alzheimer-As-  
sociatioun, eng Konventioun ze ën-  
nerschreiwen, déi et erlaabt e spe-  
zialiséiert Fleegeheem hei am  
Land ze bauen. Den 3. Mee 2004  
ass dee virleende Gesetzesprojet  
deponéiert ginn. De 25. Mee huet  
de Statsrot de Projet aviséiert an  
huet e puer Bemierkunge ge-  
maach. Zum Beispill hu se sech  
mam Uert Ierpeldeng ausernee ge-  
sat, an eis Familljeministesche huet  
den 21. September, wou mir an der  
Familljekommissioun dës Projet  
analyséiert hunn, kloer ausge-  
schwat, dass et sech ëm Ierpel-  
deng bei Ettelbréck géing handel-  
len.

(**Interruptions diverses**)

An dëser Sitzung sinn ech als Rap-  
portrice genannt ginn, an de 5.  
Mee ass dës Projet unanime an  
der Kommissioun ugeholl ginn.

Mme Anne Brasseur (DP).-  
Et ass gutt, dass den Norden net  
verluer gaang ass.

(**Interruptions diverses**)

Mme Marie-Josée Frank  
(CSV), rapportrice.- Dëst Baukon-  
zept referéiert sech op positiv Er-  
fahrungsweierter aus dem Ausland,  
beispillsweis der Schwäiz. Ervire-  
strächen ass, dass hei an acht  
klenge Liewensunitéite maximal  
zwielef Leit zesumme wunnen. Da  
sinn zwielef Better fir Fleegebe-  
dürfteger mat Kuerzzäitopenthalt  
virgesinn, wéi zum Beispill no en-  
gem Accident oder enger Opera-  
tioun, a weider zwielef Better fir  
eng Palliativstation. Zesumme  
kënnen an dësem Haus 120 Leit  
opgeholl ginn. D'Tatsaach, dass  
een ufäntk méi systematesch Pal-  
liativstationen och an Altershee-  
mer ze schafen, ass e kloert Zee-  
chen, dass sech am Beräich vun



der Palliativmedezin munches deet wat a mengen Ae jo vu gréisster Noutwendegkeet ass.

Da verfügt all Liewensunitéit iwwer eng kleng Kichen, eng Salle à manger an e Séjour. Et gëtt hei am Géigendeel zu de klassesche Centre-intégréé keng gemeinsamen Kichen a kee gemeinsamen less-sall. D'Iddi ass, dass do zesumme gelieft, gekacht a giess gëtt. D'Liewen an dësen Unitéite soll un eng méiglechst normal heemlech Wunngemeinschaft erënneren.

Ech wollt nach kuerz op den architektoneschen Aspekt vum Projet agoen, deen och vill Wäert drop geluecht huet, fir e grëndlech duerchduechtent Baukonzept zu lerpeldeng ze schafen. D'Maison de soins läit um Site «Am Groif» op engem Terrain vun 1,6 ha. Do, wou d'Alzheimer-Associatioun Propriétaire ass, gëtt hei eng pavillonnaire Struktur opgeriicht. D'Gebaielchee, déi den ekologeschen an den energetesche Kritäre Rechnung dréit, wäert sech beschtens am ländleche Raum integréieren. Dës Meinung deelt och de Statsrot.

Nieft deene verschiddene Liewens-, Revalidatiouns- a Palliativ-unitéite sinn an der Maison de soins ënner anerem souwuel Raim fir Kinésithérapie an Ergothérapie virgesinn. Eng Crèche, eng Supérette, e Coiffeur an e Café-Restaurant sinn an engem separate Gebai aménagéiert. Mat dësem Konzept ginn also d'Dieren och fir de Public opgemaach, wat ganz begrëssenswäert ass.

De Bauhär ass also ganz kloer d'Associatioun Alzheimer. De Stat dréit 70% vun den Infrastrukturkäschten un der Maison des soins bāi, déi sech op 26,8 Milliounen - Bauindex vum 1. Abrëll 2004 - belafen, wat eng Participatioun vu ronn 18,8 Milliounen Euro ausmécht. De Sold gëtt vum Bauhär iwwerholl.

Et kann een nach ervirhiewen, dass de Regierungsrot déi staatlech Participatioun op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz decidéiert huet an dass de virleiende Bauprojet engem urgenten nationalen a regionale Besoin u spezifischen Infrastrukture fir eeler Leit entsprécht. D'Käschte gi vum Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales imputéiert.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, dëse Projet de loi setzt e kloert Zeechen, dass mir déi Vergiesslech net vergiessen. Hei soll déi dement Persoun am Mëttelpunkt vun allen Décisiounen stoen - iwwert dem Architektoneschen an der Betreiwung. Hei soll e mënchewierdeg Liewe bis zum Dout garantéiert ginn.

Fir weider Detailer, Dir Dammen, Dir Hären, verweisen ech op mäi schrëffleche Rapport an un de Projet de loi selwer. Sou wéi an der Familljekommissioun Unanimitéit zu dësem Projet war, hoffen ech, dass d'Kollegen hei am Haus och unanime dëse Projet wäerten ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

**M. le Président.** - Merci, Madame Frank. Als éischte Riedner ass ageschriwwen, net den Här Calmes, wéi ugekënnegt, mä den Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert hei keng ganz laang Ried halen; ech mengen eis Rapportrice, där ech Merci soen, huet hei op eng detailléiert Aart a Weis éischstens an hirem schrëffleche Rapport an zweetens an hirem mëndleche Rapport de ganze Plang detailléiert. Dowéinst wier et nëmmen eng Redite, wann ech nach eng Keier déi ganz Zuelen an dat Ganzt géif hei widderhuelen.

Duerfir erlaabt mer ganz kuerz drop ze insistéieren, dass mer haut

e Projet stëmmen, op dee laang gewaart ginn ass. Dëse Projet ass vun der vieregter Regierung decidéiert ginn an haut mam Aval vum Parlament gëtt e Realitéit. Et ass deen éischte vun enger ganzer Serie vu familljopolitesche Projeten, a speziell vu Projeten, déi Infrastruktur fir eis eeler Matbierger subventionéieren, déi nach ze stëmme sinn, haut a muer.

Här President, d'Madame Rapportrice huet d'Partikularitéit vum lerpeldenger Projet schonn ënnerstrach. Mir kréien hei eng spezialiséiert Struktur, déi engersäits en optimalen Traitement vun Alzheimer- an Demenzpatienten erlaabt an anersäits och d'Personal an d'Matbewunner an den normale CIPAen e bësse kann entlaaschten. D'Alzheimerkrankheet an d'Altersdemenz sinn zëmools bei eisen eelere Matbierger iwwer 80 Joer heefeg. Et gëtt dowéinst zu Lëtzebuerg ganz vill Familljen déi musen domadder eens ginn, dass ee vun hire Memberen, deen hiert ganz Liewe fir si do war, lues a lues ufänkt ze vergiessen an et schlussendlech net méi méiglech ass mat him ze kommunizéieren.

Et ass dowéinst besonnesch och fir d'Famillje wichteg, dass mir dëst spezialiséiert Haus kréien. Et soll en oppent Haus sinn, en Haus dat de stännege Kontakt mat gesonde Leit fuerdert. An dëse stännege Kontakt dréit och sécher dozou bāi, d'Flam vun der Erënnerung bei deene Patienten esou laang wéi méiglech lieweg ze halen an och sou eng länger Selbstbestëmmung ze erméiglechen.

Här President, dëse Projet ass sécherlech och e Gewinn fir den Nordbezirk, well hei entsti jo net zulescht och nei Aarbechtsplazen an, firwat net - Madame Ministesch! - : Wier net och d'Opportunitéit hei, fir e Fuerschungsprojet iwwer Alzheimer an Altersdemenz ze bedreiwen, op där Plaz, wou ee jo dann och déi Leit huet? D'Spezialiste kënnen sou eppes organiséieren; dat wier och sécher e Plus fir den Nordbezirk a virun allem fir d'Recherche an där Matière.

Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Association Luxembourg Alzheimer, déi jo de Maître d'ouvrage vun dëser Maison de soins ass, an där een och muss Merci soe fir de ganzen Engagement, dee si iwwert déi lescht Jore bewisen huet, dëst wäert weiderdreiwen. Déi Erfahrung mat Alzheimerpatienten, déi se zanter 1987 sammelt an alldeeglech an hire sechs Foyers de jour mécht, wäert wesentlech dozou bäidroen, dass dat neit Fleegeheem zu lerpeldeng schnell an efficace wäert funktionnéieren.

Merci muss een awer och all deenen anere Leit soen, déi sech an de Centres intégrés an an de Fleegeheemer dorëms beméien, dass déi eeler Leit, also déi eeler Matbierger, déi do ënnerbruecht sinn, hire Liewenswond an aller Dignitéit kënnen verbréngen.

Et ass virdru gesot ginn: D'Situatioun huet sech geännert. Wann Der kuckt - dat steet am nächste Rapport vun der Madame Arendt -, an der Zäit, viru 50 Joer, hunn net déi zwou Persoune geschafft; et wore méi Méiglechkeeten do op jidde Fall fir kënnen op d'Elteren oder d'Grousselteren doheem opzepassen. Haut schaffe ganz vill Leit a malheureusement fënnt een ëmmer manner Familljen, wou ee bereet ass, sech och ëm déi eeler Leit ze bekëmmern. Dofir ass et eng Obligatioun vum Stat och déi Responsabilitéit ze iwwerhuelen, obwuel ech et awer nach ëmmer wichteg fannen, dass een d'Leit net soll total déresponsabiliséieren an d'Leit et awer och musse wëssen an hir Verantwortung droen.

Op jidde Fall gëtt et eis Ënnerstëtzung fir déi eeler Leit; et ass se ginn, an et wäert se och an Zukunft ginn; dofir bréngen ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

#### (Interruptions)

Si hu mer Ären Numm zweemol hei falsch ugin. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

**M. Romain Schneider (LSAP).** - Här President, Madame Minister, Madame Rapportrice, Kolleginnen a Kollegen, ech géing dann éischstens mol der Madame Rapportrice Merci soe fir déi flott ausféierlech Explikatiounen zu dësem Projet de loi. Ech mengen, si huet kompetent duergeluecht, wat dëse Projet de loi bëinhalt.

Statistike weisen et wéi gesot, dass 80% vun de Leit iwwer 80 Joer mat enger dementer Krankheet befale sinn. 5.000 Leit sinn et an eisem Land a bis 2040 wäerte sech dës Zifferen verduebelen. De Moment gi ganz vill vun dësen Alzheimerkranken, déi befale si mat dëser Krankheet, wéi gesot ënnerbruecht doheem entweder, oder an deene sou genannte Foyer-de-jouren, déi de Moment gëréiert, finanzéiert a geleet gi vun der Association Lëtzebuerg Alzheimer. Et ass och de Moment, mengen ech, dofir grad dëser Associatioun e grouse Merci auszedrécke fir déi Aarbecht, déi si um Terrain iwwer all déi Jore gemaach huet, an ech mengen och dëse Projet ass fir si eng Belounung fir déi Aarbecht, déi se an deene leschte Jore geleescht huet.

De Moment hu mer, wat d'Foyer-de-jour betrëfft, sechs esou Strukturen, déi an eisem Land bestinn. Dës Strukture befanne sech wéi gewosst zu Bierchem, zu Bouneweg, zu Dol, zu Dummeldeng, zu Esch an zu Rémeleng. Dëst ass déi éischt fest spezialiséiert Struktur, déi mer erëmfannen, wou och erëm eng Keier d'Association Alzheimer mat 30% un de Käschte wäert bedeelegt sinn. Dës nei Struktur mat 120 Better, dovun - virun allem begrëssenswäert - sechs individuell Zëmmeren, wou d'Familljen de Kranken och op deem leschte Liewensofschneitt ka begleeden, ass ee positive Projet an dës Direktioun.

Nodeem een sech dann endlech eens war, wou dann lerpeldeng läit, muss ech soen - am Norde mat der Dezentralisatioun ass et net nëmmen lerpeldeng bei Ettelbréck, et ass och nach lerpeldeng bei Wolz, dat hätt kënnen an d'Spill kommen -, et ass dat richtegt lerpeldeng erausgesicht ginn am Häerz vun der Nordstad. De Site ass flott erausgesicht. Et läit an engem flotte Gebitt, engem flotten Erholungsgebitt, wou mer direkt hannendrun och en Erholungspark hunn. Ech mengen, och d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng lerpeldeng gëtt eis neie Muitt fir vläicht an anere Richtungen, wat d'Schoulinfrastrukture betrëfft, nei Weeër ze goen, an och hei mengen ech ass zënter laangem de Site un de Schoulinfrastrukture vum Lycée vun Ettelbréck an der Diskussioun. An ech mengen, och dat hei gëtt eis jo d'Méiglechkeet ze weisen, dass d'Gemeng lerpeldeng e Partner ass, mat deem ee kann zesummeschaffen.

Dëse Projet wäert doniewent och der Associatioun Alzheimer Lëtzebuerg neien Opdriff ginn. Ech mengen, et ass eng Unerkennung fir déi laang Aarbecht, déi si geleescht huet an ech ka vun eiser Plaz aus soen, dass dës 18,8 Milliounen, déi de Stat investéiert an dëse Projet, eis Fraktioun voll zerfidde stellen an dass eis Fraktioun och wäert dëse Projet vollstens ënnerstëtzen an och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Schneider, fir Är Interventioun. Ech ginn dann dem Här Adam d'Wuert.

**M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun félicitéieren ech och der Rapportrice fir hire gudde Rapport, a well schonn esou vill Leit hei op dëser Plaz iwwert déi positiv Aspekter vun deem Projet de loi geschwat hunn, wëll ech dat net alles widderhuele wat hei gesot ginn ass.

Ech wëll mech kuerz drop beschränke fir eben ze soen, dass och déi gréng Fraktioun dee Projet de loi gutt fënnt an dass mir d'Iddi, fir zu lerpeldeng bei Ettelbréck eng Maison de soins pour personnes atteintes de troubles psycho-gériatriques ze bauen, gutt fannen an och ënnerstëtzen duerch eise Vote.

Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Gast Gibéryen ageschriwwen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus fir d'éischt e Merci un d'Rapportrice, d'Madame Marie-Josée Frank, déi esouwuel an hirem schrëffleche wéi och de Mëtteg an hirem mëndleche Rapport déi ganz Problematik, wat dement Persounen ubelaangt, ganz gutt virgedroen huet, esou dass een net méi brauch dorop anzegoen.

Ech wëll vun eiser Säit aus soen, dass mir wëllen déi Aarbecht unerkennen, déi d'Associatioun vun der Alzheimerkrankheet hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore gemaach huet. Si huet eng Pionéieraarbecht zu Lëtzebuerg geleescht an et ass wéi esou dacks, dass am Fong privat Associatiounen Virreideroll spillen a Besoinen, déi sech an eiser Gesellschaft stellen, an d'Politik dann, esou wéi dat och normal ass, op déi Besoinë reagiert.

Hei ass ee vun deene Projeten, wou d'Familljeministesche mat der Associatioun eng Konventioun ënnerschriwwen huet, déi Konditiounen an de Finanzement festhält. Hei ginn et Infrastrukturen, déi spezialiséiert sinn op déi Leit a klengen Unitéiten, wat ganz positiv ass, mat engem spezifischen Encadrement. Et ass vun der Madame Rapportrice gesot ginn, dass verschidde Länner aus der Unioen schonn esou Infrastrukturen hunn an et ass dofir och gutt, dass Lëtzebuerg doranner nozitt.

De Stat participéiert hei mat 70%. Dat ass e Chiffer vun 18,8 Milliounen Euro an déi aner 30% ginn, wéi scho gesot, vun der Associatioun Alzheimer iwwerholl.

Wat positiv ass, dat ass dass mer och schonn an der leschter Legislaturperiod vill esou ähnlech Projekte gestëmmt hunn, dass mer et fäerdig bréngen quiesch duerch d'Land Terrainen ze fannen, dass och déi Infrastrukturen dezentral duerch d'Land kënnen erriicht ginn.

Och ass flott, dass hei versicht ginn ass eng Kombinatioun ze maache mat deene Leit, déi an deem Haus do liewen, a mat de Leit dobaussen, doduerch dass mer Infrastrukture schafe wou eng Cafeteria dran ass, wou e Coiffeurssalon dran ass, wou déi Leit kënnen och vu bausen erakommen a wou dann eben och e gewëssend gesellschaftlecht Liewen an deenen Haiser kann entstoën.

Flott fanne mer et och, dass d'Gemeng lerpeldeng profitéiert, fir dann aus hirem Initiativ eng Crèche dobāi ze bauen, wou dann eng Kombinatioun ka geschéie mat deem Personal, dat do schafft, dat da seng Kanner kann an déi Crèche ginn, respektiv Leit aus der Gemeng an der Emgéigend.

Et ass also eng wichteg Investitioun, déi de Lëtzeburger Stat am Interesse vun deene Leit mécht an ech mengen et sollt een och bei dëser Geleeënheet ernimmen, déi

nobel, awer schwéier Aarbecht, déi déi Leit an deem Berufszweig do hunn. Mir wëssen, dass et net licht ass fir ëmmer Leit ze fannen, déi e Liewe laang mat demente Leit zesummeschaffen, an dofir kann een nëmmen deene Leit eise Luef an eise Merci ausschwätzen. Wéi gesot, et ass e gudden, e wichtege Projet an en huet och dofir d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

**M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. D'Wuert huet elo d'Madame Familljeministesche fir zum Projet Stellung ze huelen, grad wéi zum Projet de loi 5320.

D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou dass mer haut zwee wichteg Projeten hei um Ordre du jour hunn. Dat een ass deen iwwert d'Maison de soins fir alzheimerkrank Leit zu lerpeldeng. Ech denken, dass awer elo dee leschten am Lëtzeburger Land weess, wéi een lerpeldeng domat gemengt ass, an dann deen zweeten, wat eben de Centre intégré an d'Fleegeheim vun der Rumm ass.

Ech géing fir d'éischt wëllen der Madame Presidentin, déi och Rapportrice vun dem Projet vun lerpeldeng wor, e grouse Merci soe fir hir Aarbecht an der Commissioun an och hei als Rapportrice, an och der Madame Nancy Arendt fir deen zweete Rapport iwwert d'Rumm.

Ech muss soen, esou wéi an der leschter Koalitioun, ass och an där heiter an der Familljekommissioun eng ganz frëndschaftlech an eng ganz gutt Zesummenaarbecht, wou et Freed mécht fir dran ze schaffen a wou alles gemaach gëtt fir dass déi Projeten, déi mer do hunn, séier op den Ordre du jour kommen, an dofir sinn ech och ganz dankbar.

Ech sinn och frou, Här President, dass ech zu deenen zwee Projeten, obschonn ech muss soen, dass wann et an där heiter Rapiditéit virugeet, ech nach mat Lichtegkeet fir véier Auer um Kierchbiereg sinn, och wann ech gewaart hätt bis zum Enn vun deem zweete Projet, trotzdem elo kann hei Stellung huelen.

Op där enger Säit kann ech soen, dass wann ech op Froen, déi nach iwwreg bleiwen, elo net kann äntwerten, ech dat gäre muer maache bei dem Projet vu Klierf.

Generell stelle mer fest, dass eis Bevölkerung ëmmer méi al gëtt a mir si frou doriwwer. Mir si virun allem och frou driwwer, dass d'Leit méi laang gesund bleiwen. Op där anerer Säit stellt sech ëmmer erëm d'Fro vun der Generationesolidaritéit. Ech denken, dass dat eng ass, déi an deenen nächste Joren ëmmer méi Wichtegkeet kritt. Besonnesch wann d'Leit wierklech al ginn an net méi doheem sinn, ass et dacks schwierig, dass hir Urenkelen nach bei se an d'Altersheimer op Besuch ginn an domadder eigentlech net méi richteg wëssen, fir wien dass se dann elo sollen an Zukunft nach eppes bezuelen. Dofir ass et ëmsou méi luewenswäert, dass bei der Maison de soins zu lerpeldeng eng Crèche gebaut gëtt, déi net, esou wéi et am Rapport drasteet, vun der Gemeng lerpeldeng, mä awer vun der ALA selwer - Här Gibéryen, Dir hat dat hei ervirgestrach - gebaut gëtt.

#### (Interruption)

Esou steet et am Rapport, an dofir wëll ech awer hei preziséieren, dass et d'ALA selwer ass, déi dofir zoustänneg ass, an dofir d'Wichtegkeet ëmsou méi grouss ass, well eben dann och déi eeler Leit an och déi fleegebedürftig Leit nach Kanner gesinn an och mat deene kënnen, esou wäit wéi dat méiglech ass, a Kontakt kommen.

En anere wichtege Punkt fir d'Zukunft ass ouni Zweifel, an net nëm-



men hei zu Lëtzebuerg, mä an de Länner alleguer, déi demographesch Entwécklung, an ech denken datt mer eis doriwwer net genuch Gedanke kënnen maachen, well wa mer gesinn datt mer elo mat 1,5 Kanner pro Fra zu Lëtzebuerg sinn, da leie mer an der Moyenne vun Europa vun der demographescher Entwécklung. Mir bräichten awer 2,3 Kanner pro Fra, fir nëmmen eis selwer ze regeneréieren. Dat heescht, fir nëmme selwer eis ze ersetzen, esou datt mer gesinn, datt dat och an deenen nächste Joren eng vun deene grouss Schwierigkeeten an Erausforderunge gëtt, déi op d'Politik duerkommen, woubäi awer gewosst ass, datt déi net alles dofir ka maachen an net alles doranner kann änneren.

Mir stellen awer och op där anerer Säit fest, besonnesch opgrond vun der Fleegeversécherung, datt déi eeler Leit ëmmer méi laang doheem bleiwen, an dat, wéi gesot, doduerch datt d'Fleegeversécherung verstärkt bezuelt duerch déi Servicer, déi dann ebe bei d'Leit heem kommen an dat méiglech mécht. Heiansdo wonneren ech mech, datt d'Leit soen, Dir hätt jo gäre wann d'Leit esou laang wéi méiglech géifen doheem bleiwen. Ech hunn eigentlech ëmmer gemengt, d'Leit hätte gären datt se esou laang wéi méiglech kënnten doheem bleiwen. Et wier net ech wat dat géing wëllen, mä et wiere méi déi Betreffen, mä d'Famillje gesinn dat vläicht heiansdo e bësselchen anescht. Mä ech mengen trotzdem, datt dat awer fir deen Eenzelne vu grousser Wichtigkeet ass.

Et ass och ewell de Mëtteg hei gesot ginn a mir hunn och Change-menter an eise Familljestruturen, wat mat sech bréngt, datt méi Fraen um Aarbechtsmaart sinn, datt d'Famillje méi kleng sinn an och net méi ëmmer an deeneselwechten Uertschafte wunne wou d'Eltere wunnen. An dann däréi een awer eppes net vergiessen dobäi. Dat ass, datt d'Leit ganz dacks iwwerfuert si mat der Fleege, déi déi eeler Leit brauchen. Et ass also net well se net wëllen. Et ass net well se ze liddereg sinn oder well se ze egoistesche sinn, mä ganz dacks si vill Leit derbäi, déi datt iwwerhaapt net méi packen. Wann ee bedenkt, datt Leit, déi an esou Haiser ginn, iwwer 80 Joer al sinn, da sinn hir Kanner ganz dacks 60 Joer al, deemno wéi al datt se sinn nach méi al, an da muss ee sech net wonneren, datt si net méi amstand si fir dat alles selwer kënnen ze maachen.

Wéi gesot, iwwer 80 Joer sinn d'Leit al wa se haut doranner kommen a si bleiwen am Duerchschnitt ongeféier sechs Joer doran. Déi meescht Leit, déi dohinner kommen, si fleegebedürfteg wa se opgeholl ginn oder awer si kommen dohinner, well hire Partner oder hir Partnerin fleegebedürfteg ass oder well déi Persoun net méi eleng wëllt a kann an hirem eegene Haus oder an hirem Appartement bleiwen.

An der Zäit goufe grouss Diskussioune gefouert ob et gutt wier wann een déi dement an déi net dement Leit géing beienee loossen oder ob e besser hätt se ze trennen.

Déi Zuel iwwert Demenz an eiser Bevölkerung ass, mengen ech, och net iwwerall d'selwecht. Ech hunn Zuelen, déi soen datt 25% vun der Populatioun dement wier, 30% vun deene Leit iwwer 80 Joer a 50% vun deenen, déi iwwer 90 Joer al wieren. Perséinlech war ech laang der Meenung, datt een eigentlech éischter soll déi Leit geméisch loossen, well een och esou am Eenzelne gesinn huet, datt wann an deenen Haiser wou d'Leit waren op eemol een dement ginn ass, datt dann awer déi, déi ronderëm waren, sech ëm se gekëmmert hunn, datt se do e Kontakt mateneen haten an datt dat deenen Demente meeschtens geholfen huet fir nach e bësselche méi hir Autonomie kënnen ze behalen.

Ech hu mech awer iwwerzeege gelooss, datt dat awer och fir aner Leit ganz schwierig ass, an ech verstinn och, datt wann een 365 Deeg am Joer mat demente Leit zesummen ass, déi net méi wësse wat se maachen, datt dat eng schwéier Belaaschtung ka si fir anerer, déi bei hinnen an hirer Infrastruktur do dra sinn, an dofir hunn ech mech, wéi gesot, och bereet erkläert - esou gutt an deem heiten Haus selwer wéi awer och an anerem Haiser, wéi zum Beispill op der Rumm - fir dat separat ze maachen.

D'Madame Frank ass am Detail op d'Haus vun Ierpeldeng agaangen, dofir brauch ech dat net méi ze maachen. Ech wëll just nach eng Kéier soen, datt dat hei 120 Better sinn, déi geschafe ginn, wou de Stat 70% dovunner iwwerhëlt. Dir wësst, an deene leschte Joren hu mer ganz dacks och 80% bezuelt, mä opgrond vun de Keesen, déi beim Stat net méi esou déck do waren, hu mer elo nach 70% bezuelt. An et kommen an deenen nächste Wochen a Méint nach aner Projekte wou et och 70% ginn, wat ëmmerhin awer bei engem Projet, dee ronn 27 Milliounen Euro kascht - wat 1,1 Milliard sinn, ech soen dat léiwer an deenen ale Frangen, well ee sech dat nach besser ka virstellen - a wouvunner de Stat da 770 Milliounen Lëtzebuurger Frangen iwwerhëlt, dat fir eis en uerdentleche Chiffer ass, mä awer do och nach ëmmerhin 330 Milliounen fir d'ALA bleiwen.

Ech géing mech och wëllen deene Merci fir d'Gemeng Ierpeldeng uschleissen, fir hiert Entgéintkomme mam Terrain an och hiert Engagement, fir en Haus fir dement Leit opzehuelen. Och dat ass net onbedéngt iwwerall selbstverständlech an dofir wëll ech och dem Här Erny Rassel a senge Schaffen an der Gemeng mäi Respekt a meng Unerkennung dofir ausschwatzen.

Selbstverständlech och e grouss Merci der Alzheimer-Associatioun an hirem dynamesche President, dem Här Paul Diederich, net nëmme fir déi 30%, déi se do erbaibréngen mat deenen 337 Milliounen déi et ausmécht, mä awer och nach d'Crèche, déi do derbäi kënnt, déi och vun hinnen aus bezuelt gëtt; eng Fro, déi de Statsrot opgeworf huet an déi, denken ech, dann och elo heimadder beäntwert ass.

Ech wëll da soen, datt dat Haus selbstverständlech vu Konzeptioun deene Leit mat psycho-géiäresche Problemer ugepasst ass an dofir zu engem Deel anescht ausagesäit wéi déi üblech Centres intégrés. D'Madame Frank huet well drop higewisen, datt et kee gemeinschaftleche Restaurant an och keng gemeinschaftlech Kiichen doranner gëtt, mä datt 96 Better do si fir aacht Liewensgruppe mat jee zwielef Pensionären dran, an an dese Gruppe féint dann och d'Gemeinschaftsliewen, wéi dann zum Beispill och d'lesse statt. D'Zëmmere sinn och méi kleng wéi an anere Centres intégrés, mä dofir ass awer méi Plaz op de Gäng an an de Gemeinschaftsraum, wou déi Leit sech dann och méi ophalen.

Zwielef Zëmmere si virgesi fir d'Revalidatioun, wou et net drëm geet fir Rehabilitatioun ze maachen, mä wou besonnesch Leit dra solle kommen, déi entweder e Schlag kritt hunn oder déi no engem Kliniksopenthalt, enger Operatioun oder engem Accident fir eng Zäitchen dohinner kommen an do erëm fit gemaach ginn, fir kënnen bei sech doheem ze liewen.

Zwielef Better si fir Palliativmedezin, an ech denken datt et och wichtig ass nach eng Kéier do ervirzehiewen, datt et eng eege Statioun gëtt vu sechs Better, dat heescht net en Dortoire, mä awer e Raum wou sechs Better beienee sinn, wou dann eben och Leit si fir Palliativmedezin, déi och Palliativmedezin gemaach kréien, an op där anerer Säit awer och sechs

eenzel Zëmmere, wou d'Famillje kënnen derbäi komme wann do eng Persoun am Stierwen ass, fir déi dann och kënnen ze begleeten.

Op deen architektoneschen an deen technesche Plang ginn ech wierklech net an, dat huet d'Madame Frank bestens gemaach. Dat wou ech denken, datt et wichteg ass a wat eis wahrscheinlech an der Kommissioun méi laang wäert beschäftegen, an net nëmmen an eiser Kommissioun, mä sécher och an där vun der Justiz, dat ass datt mer eis virgeholl hunn, d'Rechter vun de Leit mat enger Demenz an och d'Tutellen nei ze organiséieren an eis och der Zäit unzepassen. Wann ee gesäit datt et ëmmer méi eeler Leit ginn, déi och eleng sinn an déi dann op eemol dement sinn: Wien ass dann zoustänneg dofir, datt se an engem Haus opgeholl ginn? Wie këmmert sech dorëmmer? Net nëmme just ëm hir Suen an ëm d'Ierfschaft, mä och ëm dat, wat si selwer interesséiert? Vun dohier, wéi gesot, gëtt dat eng ganz schwierig Aufgab, an op där anerer Säit eng komplizéiert, mä dofir awer och sécher ëmsou wichteg.

Deen zweete Projet wou ech e bësselche wëll eppes driwwer soen a wou der Madame Nancy Arendt hire schrëfflechen, exzellente Rapport well virläit, an dee mëndleche bestëmmt grad esou gutt wäert ginn, do wëll ech net op alles virgräifen. Déi generell Aussoen ziele selbstverständlech och fir d'Rumm wéi fir d'Haus vun den Alzheimerkranke wéi och de Projet muer zu Klierf.

D'Rumm war fréier e staatlecht Alters- a Kannerheem. Dat gëtt elo vu Servior als Établissement public géréiert an et ass hautdésdags exklusiv Altersheim, dat heescht et si keng Kanner méi do a mir hunn eben och virun enger Zäitchen hei an der Chamber déi Séparatioun vun de Kannerheemer gestëmmt.

D'Rumm läit op enge vun deene schéinste Plaze vun der Stad an ass dofir awer och eng vun deene komplizéierste Plazen, wann een et aus dem historiesche Site gesäit, deem muss Rechnung gedroe ginn; a wann ee weest datt d'Rumm zu dem Site vun dem Patrimoine mondial de la Culture vun der Unesco gehéiert an dofir all Changement, deen do muss gemaach ginn oder gemaach gëtt, fir d'éischt och nach muss der Unesco virleien.

Ennerierdesch Verbindunge si virgesi fir déi verschidden Haiser mateneen ze verbannen an ee grouss Problem kréie mer leider an deem heite Projet net geléist, dat ass dee vun dem souterrainé Parking, wou et awer wichteg wier, datt mer en och kënnten iergend eng Kéier maachen. Ech denken e wier wichteg fir d'Rumm, e wier wichteg fir d'Stad Lëtzebuerg an e wier och wichteg fir de Centre Neumünster, well mer och do Schwierigkeeten hu fir Parkplazen ze fannen, mä mir wëssen awer och - a besonnesch déi Stater wëssen dat ganz gutt -, datt dat dann och deier gëtt, well dat alles an de Fiels geet an et domadder wéi gesot niewent dem Präis och komplizéiert ass fir et ze realiséieren.

Ech soen des Elementer an Argumenter fir och ze erklären, firwat dese Projet awer och relativ deier gëtt. Derbäi ass well aus Käschtegrënn op eng ganz Rei vun Elementer verzicht ginn, déi ee sech an deem heite Projet nach duerchaus hätt kënnen virstellen. Am Gesetzesprojet ass e Präis vu 50.398.000 Euro an e puer Zerquetschterer virgesinn, wat awer ëmmerhin 2,3 Milliarden där aller Lëtzebuurger Frangen ausmaachen. Ech mengen datt ass e stolze Präis, dee mer eis fir eis eeler Matbierger op där doter Plaz kaschte loossen.

Am Ganzen entstinn do 142 Better, déi op verschidde Servicer opgedeelt sinn, vun deene mer dann och elo grad gesinn hunn, datt et eng Séparatioun gëtt zwëschent deenen engen an deenen aneren.

104 Better hu mer - do sinn déi 34 derbäi gezielt, déi elo well an aneren Haiser op der Rumm renovéiert gi sinn -, 20 Better si virgesi fir Palliativmedezin, an ech denken dat ass och wichteg opgrond vun deem Gesetzesprojet, deen elo an där leschter Legislaturperiod déposéiert ginn ass a wou et besonnesch ëm d'Palliativmedezin geet, déi net nëmmen an de Spideeler an an de Soins à domicile soll ugebuede ginn, mä och an deenen doten Haiser, well déi eeler Leit grad esougutt e Recht op Palliativmedezin hu wéi déi aner dat hunn.

Da sinn 32 Better virgesi fir déi, hei an deem Text heescht dat sociogérontologique, an deem anere psycho-gériatrique, mä et sinn ëmmer déiselwecht Leit, dat heescht déi dement Leit, déi domadder gemengt sinn. Da gëtt et 20 Logements encadrés, wou da bis 24 Leit kënnen dra sinn; dat hënk do-vunner of ob eng Persoun doranner ass oder ob zwee Leit doranner wunnen.

Schliesslech hu mer am Projet selwer geschriwwen, datt et e Maximum vun 142 Better géife ginn. Mir wëssen de Moment awer nach net, opgrond och vun där schwieriger Bausituatioun, déi dat ass, an deem wéi dat do ausgesäit, ob dat der elo genau 142 ginn oder ob et eent méi oder eent manner gëtt. Op jidde Fall kann et net iwwert déi Suen erausgoe wou de Stat sech derbäi bedeelegt, wat ech elo grad genannt hunn; alles wat doriwwer erausgeet, dat ass dann den Établissement public selwer deen dat muss bezuelen.

Wichteg ass fir mech an deenen zwee Projeten och, datt et eng Ouverture no baussen ass. Mir hunn dat eng Kéier héieren iwwer Coiffeurssalonen, déi doranner virgesi sinn, iwwer Geschäfte, déi doranner funktionéieren, oder awer och op de Mëttesdëscher, wou jiddfer ee vun eis oder och vun de Famillje kann dohinner iesse goen, fir datt déi Leit, déi do liewen, awer och nach e bësselchen eppes matkréie vun deem, wat dobausse geschitt, an awer och Leit, déi an Dagesgruppe kënnen dohinner kommen.

Dir gesitt also, datt mer eis be- meien, an d'Zoustëmmung hei vun der Chamber beweist mer dat och, datt mer domadder wierklech och probéiere jiddfer eeler Mënsch dat ze offréieren, wat sengen Uspréch gerecht gëtt, an dat och nach probéieren ze maachen op där Plaz an an där Géigend, wou en hierkënn.

Den Här Bettel hat d'Iddi fir Forschung vun der Alzheimerkrankheet do ze maachen. Ech denken, datt dat eppes ass wat ouni Zweifel interessant wier. Leider gehéiert dat net zu menge Kompetenzen, mä ech kënnt mer awer virstellen datt et Leit gëtt, déi sech dofir interesséieren, an datt een och soll vun deene Kompetenzen, déi do sinn, profitéieren, well déi Krankheet ass wierklech eng ganz schwierig an eng ganz schlëmm fir deen, dee beträff ass, an och fir d'Familljen. Duerfir soll ee vun deem Wuesse profitéieren.

Dann huet den Här Angel mech gefrot - ouni datt mer dee Projet bis elo behandelt hunn, mä vu datt ech herno da vläicht net méi hei sinn, wëll ech dat awer nach maachen -, wéi et mam Matsproocherecht vun de Leit an deenen Institutiounen ass.

An do ass virgesinn, datt en Heimrot besteet, wou also och Pensionäre mat dra verueede sinn. Al- lerdéngs muss ee soen, datt et heiansdo schwierig ass fir Leit ze fanne vun de Pensionäre selwer, déi sech dofir interesséieren an déi sech dofir dann och do engagéieren. Mä déi, déi et maachen, déi

maachen et mat ganz grousser Begeescherung an och zur Zefriddenheet vun hiren anere Matbewunner.

Domadder géing ech wëllen ofschleissen an lech Merci soe fir Är grouss Bereetschaft fir, denken ech, déi zwee Projeten haut ze stëmmen.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5336. Den Text steet am Document parlementaire 5336 op der Säit 4.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si stëmme mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5336 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Michel Wolter), Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Här Grethen!

M. Henri Grethen (DP).- Här President, ech mengen ech hat nach keng Nohëllefstonn kritt fir ze wëssen, wéi deen Apparat hei funktionéiert. Sollt ee vun de Kolleege vu menger Fraktioun net par procuratioun gestëmmt hunn, dann huele mer dat no.

M. le Président.- Mir huelen Akt dovunner a mir wäerten dat verifizéieren.

M. Ben Fayot (LSAP).- Dir musst, Här President, deenen neie Kolleegeen erkläre wéi d'Procuratioun geet, dass ee muss fest drop drécken, soss kënnt se net.

Une voix.- Dat ganzt Gewiicht drop.

Une autre voix.- Awer net ze fest.

M. Henri Grethen (DP).- Wann ech elo meng iwwer 130 Kilo hei op den Écran geheien, ne!

**(Hilarité)**

M. le Président.- Mat der Zäit léiert een et och ouni grouss Explikatiounen.



Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, zur Diskussioun vum Projet de loi 5320 iwwert de Bau vum Altersheim op der Rumm. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Angel, Adam an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, dat heescht d'Rapportrice, déi honorabel Madame Nancy Arendt. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 5320 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville

### Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

Mme Nancy Arendt (CSV), rapportrice. - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësé Projet, bei deem et sech ëm d'Transformatioun an d'Extensioun vum Centre intégré vun der Rumm handelt, befénnt sech op engem Site, wou d'Spüre sech bis an déi galloréimesch Zäit zrëckverfolge loosse. Schonn deemools hu vill Leit zu deene verschiddensten Zäiten an der Geschicht vun dëser héich geleeëner Plaz profitéiert an déi berühmte Mauer Wenceslas, déi um Enn vum 14. Jorhonnert um Site vun der Rumm säin Ursprung hat, ass um Vauban um Enn vum 17. Jorhonnert als Schutz gebraucht ginn. Doropshin sinn d'Mauern duerch de sou genannte Vabaunsravelin nach verstärkt ginn.

De Site an déi verschidde Gemaier hunn esou e bedeitende geschichtleche Wäert, datt se bei dëser Transformatioun net sollen an och net daerfe vergiess ginn. An dësem Projet gëtt versicht, déi verschidden histoiresch Elementer ze erhalen, well de Projet gesäit effektiv vir, fir d'Direktioun vu Servier zum Beispill, déi sech ëm d'Maintenance vun de Gebaier wäert bekëmmern, am Ravelin ënnerzebréngen. Dat erkläert och, wéi d'Ministesch et virdru schonn ugeleit huet, firwat d'Realisatiounskäschte relativ héich leien an ech wäert spéider nach eng Kéier hei op dësé spezifesch Punkt zrëckkommen.

D'Proposition vum provisoiresche Plang vum Ensembl vum der Konstruktioun ass vun der Unesco approvéiert ginn a Lëtzeburgerger Autoritéite wéi zum Beispill de Familljeministère kontrolléiere regelméisseg esouwuel d'Conception wéi och de Fortgang vun den Aarbechten um Chantier. Iwwert den histoiresche Wäert eraus erfëllt d'Rumm säit dem Enn vum 19. Jorhonnert eng sozial Roll. Weesekaner, Invaliden oder krank Leit sinn op der Rumm, fir méi genau ze sinn am Hospice civil opgeholl ginn. Ufanks vun den 80er Jore sinn d'Kanner vun den Erwuessene getrennt ginn a vun deem Dag an huet de Centre du Rham als Altersheim fonctionnéiert. Säit dem 1. Januar 1999 ass d'Rumm vum Établissement public «Centres, Foyers et Services pour personnes âgées» ugeholl ginn.

Här President, léif Kollegeen a Kolléginne, de virleiende Gesetzesprojet, deen de Stat autoriséiert den Opbau an d'Transformatioun vum Altersheim vun der Rumm matzefinanzéieren, ass e weidere Projet, dee sech am Kader vum nationale Programm fir eeler Leit integréiert a weist, datt d'Liewensqualitéit vun eisen eelere Matbierger weiderhin eng wichteg Prioritéit vun eiser Regierung war an och bleift.

De virleiende Gesetzesprojet weist och, datt eis Regierung sech den Erausforderunge vun der Zäit

stellt. Déi demographesch Entwécklung huet eis Zäit geprägt a wäert och d'Politik a ville Beräicher weiderhi beaflossen. D'Liewenserwaardung vun de Leit ass glécklecherweis duerch de medezineschen an hygiesche Fortschritt staark an d'Luucht gaangen. D'Zuel vun deenen iwwer 65-Jähregen hält bis elo op alle Fall emol stänneg zou an dës Tendenz wäert sech am Laf vun de Joren hoffentlech och fortsetzen. Et ass virun allem d'Kategorie vun deenen iwwer 80-Jähregen, déi déi héchste Steigerung wäert verzechnen. An d'Schätzung ginn dovunner aus, datt no 50 Joer dës Kategorie e Fénneftel vun den eelere Leit ausmaachen.

Wann hautdësdays 70% vun deenen iwwer 80-Jähregen autonom liewe kënnen, da bleiwen awer nach 30%, déi op eng Hëllef ugewise sinn. Wann dës Leit am Prinzip op hir Familljen ziele kënnen, kënn et awer dach ëmmer méi dacks vir, datt se op en Altersheim oder e Centre müssen zrëckgräifen, fir adequat ënnerbruecht ze ginn. D'Grënn si ganz verschidden. Vill eeler Leit ginn hautdësdays vu Familljemembere betreit, déi selwer al sinn a fir déi et iergendwann ze schwéier gëtt fir sech komplett eleng ëm eng eeler Persoun alldeeglech ze këmmern. Déi familiär Strukturen hu sech och geännert. Et gëtt ëmmer méi Famillje wou déi zwee Partner schaffen an et ass dann och net einfach de Beruff an déi familiär Verflechtungen ënner een Hutt ze bréngen.

Och d'Servicer wéi «Hëllef doheem» kënnen eng Ënnerstützung sinn. Mä och dës Servicer stousen eng Kéier op d'Limiten. Et ass virun allem net einfach, esouguer wann een d'Méiglechkeet hätt, fir Leit, déi op Hëllef ugewise sinn, wéi zum Beispill eeler dement Leit, adequat doheem ze versuergen. Dës Leit mussen 24 Stonnen op 24 Stonne professionell encadréiert ginn. Et ass also net weider verwonnerlech, datt d'Nofro vun esou Opfaangstrukture fir eeler Leit kënnen gerecht ze ginn. 3.000 Demandé louchen den 1. Januar vun dësem Joer vir, dovunner 1.300, déi dréngend, an 300, déi immens dréngend waren. De virleiende Projet entsprécht enger moderner Politik vum drëtten Alter, déi versicht op déi spezifesch Besoiné vun de verschiddene Kategorië vu Pensionären anzegoen.

Zur Informatioun, den Établissement public «Centres, Foyers et Services pour personnes âgées», deen eng Dosé vu CIPAen a véier Maisons de soins gëréiert, huet Méi fir der grousser Nofro vun Opfaangstrukture fir eeler Leit kënnen gerecht ze ginn. 3.000 Demandé louchen den 1. Januar vun dësem Joer vir, dovunner 1.300, déi dréngend, an 300, déi immens dréngend waren. De virleiende Projet entsprécht enger moderner Politik vum drëtten Alter, déi versicht op déi spezifesch Besoiné vun de verschiddene Kategorië vu Pensionären anzegoen.

De Centre ass souwuel fir valid wéi och fir manner valid Leit bestëmmt an den Émbau an d'Transformatioun vun de Gebailechkeeten entsprécht de modernsten Normen an dësem Domän. Wa fréier dee klineschen Aspekt bái Wäitem dee wichtigste war, esou gëtt awer haut ëmmer méi Wäert op d'Form an d'Qualitéit vum Logement a vum Encadrement geluecht. D'Leit sollen esou wäit wéi méiglech en autonomt Liewen am Centre intégré féiere kënnen.

Ee vun deene wichtigste Punkte bei dësem Projet ass deen, datt d'Leit, déi op d'Rumm kommen, d'Méiglechkeet kréien an dëser Struktur ze bleiwen, och wa sech hire gesondheetlechen Zoustand géif änneren. Esou vermeit een oft en onangenehmen Transfert an eng aner Institutioun; en Transfert, dee bei eelere Leit oft als Trauma emfonnt gëtt. De Projet gesäit och d'Schafung vun engem sou genannten „Espace senior“ vir, dee sech aus verschidde spezialiséierte Pavillonen zesummesetzt.

Nieft dem classeschen Altersheim gesäit de Projet d'Schafung vun Appartementer vir, déi sech u relativ autonom eeler Leit richten, déi zwar theoretesch kéinten eleng lie-

wen, mä déi sech awer an enger encadréierter Struktur méi wuel fillen. Si wëssen, datt, wa sech e Problem sollt stellen, professionell Leit zu hirer Verfügung stinn.

Et ass och virgesinn, zwou sozio-gerontologesch Liewensgruppen ze forméiere fir ofhängeg eeler Leit, déi musse 24 Stonnen op 24 gehollef kréien oder ënnerstëtzt ginn. Eeler Leit, déi wëllen a kënnen weider doheem bleiwen, awer trotzdeem gäre vun deene verschiddene Prestatiounen a Servicer vum Centre profitéieren, kënnen dat iwwert d'Porte ouverte vum Centre maachen.

Zousätzlech ass och eng Praxis fir Kinésithérapie an Ergothérapie virgesinn, déi virun allem zum Erhale vu kierperlechen a geeschtege Fäegkeete bäidroen soll. Eng Aktivitéitszon soll et de Pensionären erméiglechen, en agréabelen Openthalt ze hunn. Alles no beieneen, mat engem klengen Café, Coiffer, Pédicure, Florist, an et ass och e klengen Animatiounssall virgesinn, wann emol kleng intern Festivitéite stattfannen.

Zum Schluss ass nach ervirzehiewen, datt d'Rumm och wäert iwwer en „Hospice de fin de vie“ verfüegen, wou eng spezialiséiert Equipe stierwenskrank Leit op hirem leschte Liewensabschnitt begleet kann. Den Akzent gëtt hei op d'Zusammenarbeit mat der Famill geluecht, fir déi och d'Méiglechkeet besteet am Centre ze iwwer-nuechten, wa se dat wëllen.

De Projet gesäit um Niveau vum Centre intégré d'Schafung vu ronn 70 Better vir, déi bei déi bestehend 34 Better derbäikommen. Den „Hospice de fin de vie“ wäert kënnen 20 Leit ophuelen. Et wäerten, wéi ech dat schonns virdru ugeleit hunn, 26 encadréiert Appartementer am Kader vum Centre du Rham geschafe ginn, déi ronn 40 Better ausmaachen. Um Niveau vun deenen zwou sozio-gerontologeschen Unitéite si jeeeweils 16 Better virgesinn, esou datt d'Capacitéit vum Centre am Ganzen op ronn 142 Better wäert eropgoen. Eréischt nom Ofschloss vun den Aarbechte steet awer déi ganz genau Zuel vun den neie Better fest.

Wat d'Finanzéierung vum Bau an dem Émbau vum Altersheim a Fleegeheim vun der Rumm ugeet, esou ass ervirzehiewen, datt de Stat bal 100% vun de Käschte wäert droen. De Stat wäert och en Deel vun de Käschten iwwerhuelen, déi fir de Bau vum Direktiounsgebaai gebraucht ginn. Déi staatlech Participatioun wäert sech nom leschte bekanntenen „indice semestriel des prix à la construction“ vum 1. Oktober 2004 op ronn 43,4 Milliounen Euro belafen. Zur Informatioun: D'Käschte fir de ganze Projet sinn op de Gesamtmontant vu ronn 50,3 Milliounen Euro geschat.

Dat sinn natierlech ganz héich Montanten, déi sech virun allem doduerch erkläre loosse, datt et haut einfach méi deier ass eppes ze renovéieren - et gëtt ronderëm e Plus vun 30% geschat - wéi wann een eppes komplett Neies géif bauen, speziell wann een och nach derbái op den histoiresche Kader soll Rücksicht huelen. Ervirzehiewen ass vläicht nach, datt déi staatlech Participatioun sech natierlech op d'Käschten, déi mam Opbau a mat der Renovatioun vum Centre verbundene sinn, beschränkt. Personalkäschte souwéi d'Fonctionnementskäschte gi vum Gestionnaire iwwerholl.

De Statsrot hat dës Fro jo och a sengem éischten Avis opgeworf, wou d'Auteurs vum virleiende Projet direkt reagéiert hunn an dës Punkt no enger kuerzer, awer präziser Stellungnahme zur Befriedigung vum Statsrot gekläert hunn. Servier iwwerhëlt och en Deel vun

de Käschte vum Bau vum Direktiounsgebaai, déi sech op 0,9 Milliounen Euro belafen, a ronn 16 Better, déi den Affer vum Zweete Weltkrich prioritär zur Verfügung solle stoen, wäerten iwwert d'Fong vum der Fondatioun „Aide et assistance aux personnes âgées“ finanziéiert ginn, déi et haut net méi gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen ech konnt lech déi grouss Linne vun dësem Projet méi no bréngen. Weider Detailer fannt Der a mengem schrëftleche Rapport an am Text vum Projet selwer. Ech géif mech natierlech freee wann dësé Projet eestëmmeg kéint ugeholl ginn, e Projet, dee selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun bréngt.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Arendt. Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel age-droen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

M. Xavier Bettel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Nach eng Kéier, d'selwecht wéi virdru, well ech hei der Rapportrice Merci soe fir de schrëftlechen an de mündleche Rapport, wou se ganz prezis an den Detail gaangen ass. Erlaabt mer just dës Kéier, eier ech Luef fir de Projet ervirhiewen, awer ee méi negative Punkt. Et ass eng Kritik, déi awer net vu mir kënnt, mä déi vum Statsrot kënnt.

An eng Kéier eng generell Kritik, déi och net mam Projet ze dinn huet, mä well et eben haut zwee Projekte si wou mer fir eis eeler Matbierger eis jo ganz staark investéieren, wou ech och soen, dass et selbstverständlech ganz wichteg ass, a wou mer muer nach e Projet hunn, dass, wéi ech mat verschiddene Leit driwwer diskutéiert hunn, verschidde Leit mer gesot hunn: Jo, Xavier, mir maache ganz vill fir déi eeler Leit, mä fir jonk Leit op der Strooss feelt et nach ëmmer u Plazen.

An et ass d'FADEP, déi am Moment zwou Strukturen huet, d'Meederchershaus oder de St-Joseph Boulevard Patton, mä et heescht dass et do net duergeet, dass tëschent 17 an 18 Plazen do sinn am Ganzen, déi mer hu fir Mesures d'urgence, dass nach ëmmer jonk Leit müssen op Schraasseg goen am Moment oder op Dräibuer, well keng Plazen do sinn. Dat heescht, Madame Ministesch, sorry, dass ech dës Geleeënheet huelen, mä e viven Appel: Selbstverständlech ass et wichteg, dass mer fir eis Elteren, Grousselteren an eis eeler Leit Suen investéieren. Mä e waarmen Appel un lech - an ech weess, dass Der en oppent Quer dofir hutt -, och fir déi jonk Leit fir Urgence-Fäll Saachen ze plangen.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration. - Här Bettel, ech si ganz gäre bereet an ech maache vill Démarchen. Ech wier ganz frou wann Dir mer géngt hëllef Gemenge sichen, déi gradsou frou wiere fir esou Haiser opzehuelen, wéi se frou si fir Maisons de soins a Centre-intégrées opzehuelen. Also ech sinn nëmmen Demandeur, Dir laaft bei mir offen Dieren an. Mä bréngt mir déi Gemengen, déi bereet sinn dat ze maachen.

M. Xavier Bettel (DP). - D'Madame Mutsch seet scho si wier ganz bereet. Neen? Mä op jiddede Fall, Madame Ministesch...

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration. - Et ass net u mir wou et scheitert, Här Bettel!

### (Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel (DP). - Madame Ministesch, fir mech ass et

esou, et kann een net nëmme kucke wat ekonomesch Sue bréngt. Et ass eng Obligatioun, mir sinn hei Politiker fir d'ganzt Land an net nëmme fir eng Generatioun oder fir d'Finanzen. Et muss een och kucken, dass eng ganz Rëtsch vu jonke Leit op der Strooss sinn oder op jiddede Fall weinst dramatesche Situatiounen musse placéiert ginn. E Kand wat doheem vergewaltigt gëtt oder esou. Mir schwätzen elo net nëmmen hei vun Délinquanten, mä vu jonke Leit déi doheem vergewaltigt ginn oder geschloe ginn, wou dann de Riichter se muss placéieren, a wa keng Plaze sinn an deenen zwee Foyeren, da muss se op Schraasseg oder op Dräibuer goen, wat awer wierkelech net déi Plaz ass wou een d'Kanner soll placéieren. Dat war dann eng méi generell Informatioun, Madame Ministesch.

Déi zweet ass eng Kritik, déi vum Statsrot kënnt. Dat ass déi, dass d'Konventioun jo am Juni 2001 ënnerschriwwen ginn ass an dass de Projet eréischt den 31. Mäerz 2004 déposéiert ginn ass, dat heescht bal dräi Joer duerno, an dass de Conseil d'État dat als Délai net ganz rasonnabel fënnt. Madame Ministesch!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration. - Här President, et deet mer Leed, dass ech elo den Här Bettel hei muss ënnerbrieche. Ech géing just eng Kéier wëlle soen, well de Conseil d'État dat elo ëmmer erëm beanstant, mat Ausnahm vun dem Projet vun lerpeldeng, deen äusserst séier gaangen ass. Den Här Bettel hat do ewell gemengt et hätt och do laang gedauert. Ech mengen an engem Joer war dat alles iwwert d'Bühn.

Et dauert laang an och deen hei Projet huet laang gedauert, well da müssen déi komplett Pläng vun den Architekten virleien. Wann ee weess wéi komplizéiert dass dee Site op der Rumm ass, dann ass et evident dass dat doten net konnt an esou enger kuerzer Zäit gemaach ginn. Selwer hätt ech och léiwer wann et méi séier kënnt goe wéi wann dat all Kéiers esou laang dauert. Mä et muss een awer gesi wat fir eng Aarbecht domadder verbonnen ass. Wann et duergeet, dass mir heihinner kommen nodeems dass d'Konventioun ënnerschriwwen ass a mir loosse e sommairé Projet hei stëmmen, dann hunn ech domadder kee Problem. Dann dauert et vill manner laang. Et dauert dofir awer nach gradsou laang bis et gebaut ass, well da muss se duerno gemaach ginn. Ech wollt dat just als Explikatioun soen, well dat ëmmer eng Remarque ass, déi vum Conseil d'État kënnt.

M. Xavier Bettel (DP). - Selbstverständlech, mä et ass just well och nach d'Kommissioun - an Dir wësst jo, Madame Presidentin, dass d'DP net méi an der Majoritéit elo an der Regierung matwierkt...

### (Brouhaha général)

... -, op jiddede Fall dass d'Majoritéit dat fonnt huet.

Op jiddede Fall wëll ech awer soen, dass dës Majoritéit, dat heescht d'CSV-LSAP-Majoritéit awer an hirem Rapport zrëckbehalen huet, dass se déi Meinung vum Statsrot géif deelen, dass et ze laang gewiescht wär. Dowéinst erlaabt mer, Madame, et ass net a mengem Numm, mä als Majoritéit, ech weess net ob ee vun der CSV oder vun der LSAP dat gesot hätt, d'Rapportrice huet et och net gesot. Et steet am Rapport. Dofir erlaabt mer, Madame Ministesch, dass ech dat just zitéiere wat dës Majoritéit op jiddede Fall wollt, mat eis, well mir hunn de Rapport jo awer och gestëmmt.

Also d'Avantagë vun deem Projet: Éischstens ass et e ganz flotte Projekt an d'Palette...

### (Interruption)